ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. Mee 201

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Ëmweltministerin, den Här Minister fir nohalteg Entwécklung an den Här Minister fir Agrikultur weiderzeleeden.

D'Juegdsyndikater sinn ënner anerem zoustänneg, fir tëscht de Proprietären d'Pachtgelder, déi d'Jeeër bezuelen, ze verdeelen. Fir dës Aufgab kënne richteg a gewëssenhaft ze erleedegen, mussen dës Syndikater natierlech wëssen, wéi eng Persoun wéi vill Land an deem Lous huet. Anscheinend gëtt hinnen awer refuséiert, déi Donnéeën elektronesch zur Verfügung ze stellen, dëst aus « dateschutzrechtlechen « Grënn. Ech géif an deem Zesummenhang gär folgend Froen stellen :

1) Wéi ass dem Minister seng Positioun heizou ?
2) Vue datt d'Kadasterdaten jo souwisou ëffentlech zougänglech sinn, géif engem Proprietär wierklech Schued entstoen, wann déi Donnéeën géifen elektronesch zur Verfügung gestallt ginn, aplaz datt d'Sekretäre vun de Syndikater sech mussen op d'Kadasteramt deplacéieren ?
3) Wier net am Contraire esou eng Regelung am Interesse vum Proprietär (dee jo per Gesetz och Member vum Syndikat ass), andeems sécher gestallt gëtt, datt hien déi Pachtgelder déi him zoustinn och präzis a mat Zäite kritt ?

Mat déiwem Respekt,
Roy Reding

Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique